N°3797
Entrée le 19.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.03.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 19. Mäerz 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Ekonomie, Mëttelstand, Energie an Tourismus weiderzeleeden:

„D'Zuel vun de Bäckereien huet 2024 a Frankräich massiv ofgeholl. An deem Joer hätte ronn 1200 Bäckereien zougemaach, beriicht déi franséisch geschwate Press. Et gëtt ënnerschiddlech Ursaachen, déi dës Entwécklung explizéieren: d'Energiekäschte lafen deene klenge Bäckereie fort, et feelt u Repreneuren, wann en eelere Bäcker an d'Pensioun wëllt goen, an d'Consommatioun vu Baguetten hätt allgemeng ofgeholl. D'Broutrayonen an de grousse Surfacë géifen och méi bëlleg Wuere verkafen, wat deene klenge Bäckereie géif zousetzen.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir d'Ekonomie, Mëttelstand, Energie an Tourismus follgend Froe stellen:

1. Wéi huet sech d'Zuel vun de Bäckereien hei am Land zanter 2020 entwéckelt?
2. Wéi vill Leit schaffen de Moment an där Branche vun eiser Ekonomie?
3. Kann een hei zu Lëtzebuerg vun enger Konzentratioun mat oligopolisteschem Charakter am Bäckereiwiese schwätzen?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu